

## 0. Introductioun

Dëst Dokument gouf opgestallt fir d'Parteien, d'Presse, d'Gewerkschaften an d'Öffentlechkeet zu den Theme Justiz a Strofvollzuch z'informéieren.

An **éischten** Deel wëlle mir eng Bestandsopnam vun der Justiz an dem Strofvollzuch presentéieren.

Am **zweeten** Deel wäerte mir eng Analyse vu de Walprogrammer vun deenen 6 gréisste Parteiemaachen.

Am **drëtten** Deel vun dësem Dokument wäerte mir 6 Forderungen formuléieren, fir déi nächst Legislaturperiod.

## 1. Partie : Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun

### 1.1. Problemer vun der Justiz a vum Strofvollzuch

All Acteur deen eppes mat der Justiz a mam Strofvollzuch ze dinn huet, weess dass et ganz vill Problemer an dësem Domaine ginn. Déi zwee nei Gesetzer<sup>1</sup> vum 20. Juli 2018 bréngen ouni Zweifel eng Rei Verbesserungen. Trotzdeem hunn och déi zwee nei Gesetzer e puer Lacunne an mir probéieren dorops opmierksam ze maachen.

An de folgenden Zeilen nenne mir déi Problemer, déi eiser Meenung no, am gréisste sinn.

#### 1.1.1. Hyper-incarcération

Am Joer 2017 souzen an der Moyenne 698 Persounen<sup>2</sup> zu Lëtzebuerg am Prisong ... domadder si mir zweifelsfräi Spëtzereider par Rapport zu eisen dräi Nopeschlänner.

Duerch déi héich Zuel un Persounen an Untersuchungshaft, déi Persounen déi zu enger Prisongsstrof veruerteelt gi sinn an déi normal Entloossungen um Enn vun der Strof, kenn een dovunner ausgoen dass min. 1.500 Persoune pro Joer an engem Prisong zu Lëtzebuerg transitéieren.

Des Zuel ass enorm, zemoools wann ee bedenkt dass d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg säit 2014<sup>3</sup> konstant erofgeet.

Des erschreckend Zuele fannen sech och an der Statistik SPACE I vum Conseil de l'Europe<sup>4</sup> erëm : pro 100.000 Awunner huet Lëtzebuerg dee miserabele Score vun 115,7 (dh vun 100.000 Awunner sinn 115,7 Persounen am Prisong). An der Belsch gesäit et zwar net vill besser aus – si hunn ee Score vun 113,70 – mee eis zwee aner Nopeschlänner stiechen hir Awunner awer net esou séier an de Prisong : Däitschland 77,4 an Frankräich 98,3.

Wéi ass et nëmme méiglech dass zu Lëtzebuerg d'Kriminalitéit konstant ofhëlt an d'Zuel vun de Prisonéier konstant héich bleift ?

Dobäi kennt, dass et zu Lëtzebuerg jo awer zimlech roueg war an de leschte Jore – 2015 an 2016 war eis Hauptstadt déi sécherste Stad vun der Welt<sup>5</sup>. Eis Nopeschlänner hu bekanntlech mat de Problemer vun de „Banlieues“, Bandekriminalitéit, Flüchtlingskriminalitéit, asw. ze

---

<sup>1</sup> Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire + Loi du 20 juillet modifiant 1° le Code de procédure pénale en introduisant un titre IX concernant l'exécution des peines 2° le Code pénal 3° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire 4° la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

<sup>2</sup> Ministère de la justice – Rapport d'activité 2017 – **Säit 393** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

<sup>3</sup> Police grand-ducale – Rapport d'activité 2017 - **Säit 5** – Evolution de la délinquance globale

2014 : 43.047 infractions

2017 : 36.721 infractions

Baisse de 6.326 infractions càd une baisse de 15 % (!) d'infractions

<sup>4</sup> Council of Europe Annual Penal Statistics SPACE I – Prison Populations Survey 2015 UPDATED ON 25TH APRIL 2017 – **Säit 34** - [http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE\\_I\\_2015\\_FinalReport\\_161215\\_REV170425.pdf](http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE_I_2015_FinalReport_161215_REV170425.pdf)

<sup>5</sup> <https://www.mercer.fr/newsroom/classement-2018-qualite-de-vie.html>

kämpfen, déi awer zu Lëtzebuerg kee gréissere Problem duerstellen. En plus huet Lëtzebuerg jo och duerch een ziemlech gutt funktionnéiereneden Sozial- a Schoulsystem manner Problemer, an awer stieche mir hei esou vill Léit an de Prisong.

Leider ass net nëmmen déi Persoun, déi an de Prisong gestach gëtt, vun dëser repressiver Strofverfolgung betraff, meeschtens ass och nach eng Famill do, déi och staark ënnert esou enger Mesure ze leiden huet. Et kenn een also dovunner ausgoen dass hei zu Lëtzebuerg e puer Dausend Persoune pro Joer direkt oder indirekt ënnert der lëtzebuergesche Strofverfolgung leiden.

Et wier natierlech interessant, ee Verglach vun de Strofen ze maachen : wat fir eng Strof kritt een zu Lëtzebuerg fir een Delikt oder Crime a wéi gëtt esou eppes an eisen Nopeschlänner bestrooft? A virun allem, wéi laang gëtt eng Persoun zu Lëtzebuerg am Prisong sëtze gelooss?

Leider musse mir dat an dësem Dokument ganz oft bemierken : et feelt einfach un Statistike wou eng Äntwert op des Froe kéinte ginn.

## 1.1.2. Käschtapunkt

### 1.1.2.1. Finanziell Käschten

Zu Suessem gëtt fir 156 Milliounen Euro<sup>6</sup> een neie Prisong gebaut. Ongeféier 400 zousätzlech Aarbechtsplaze wäerten duerch dëse Prisong geschafft ginn .... mat enorme Folgekäschte fir déi nächst Joren.

Zu Lëtzebuerg kascht eng Persoun am Prisong 206,52 Euro<sup>7</sup> pro Dag. Et gi puer Länner déi een anere Wee gewielt hunn : zum Beispill Norwegen. Hei gi vill Suen an de Strofvollzuch investéiert (348 Euro / Dag / Persoun am Prisong), mee ouni esou vill Leit an de Prisong ze stieche – an dësem Land gëtt qualitativ un der Reinsertioun geschafft, wat ebe ganz vill Sue kascht a genee dowéinst huet Norwegen<sup>8</sup> och manner Léit am Prisong wéi Lëtzebuerg. Norwegen investéiert des vill Suen net an d'Repressioun, mee an d'Reinsertioun. An wann een natierlech manner Leit am Prisong ze finanzéieren huet, kenn een des Méttelen och méi sënnvoll asetzen.

„Ouvrir une école, c'est fermer une prison » sot de Victor Hugo. Mir hunn zwar och genuch Schoulen an de leschte Jore gebaut<sup>9</sup>, trotzdeem si mir der Meenung dass ee vill méi an d'Präventioun an d'Reinsertioun misst investéieren, dann bréichte mir duerno manner Geld an de classesche Strofvollzuch ze stiechen.

All alternativ Léisung ass manner deier wéi de Prisong. Mir brauchen ee massiven Ausbau vun den alternative Strofen : Foussfesselen, Aarbecht am Déngscht vun der Gesellschaft, pädagogesch Strofen, Therapien, asw. Mir brauche Riichter, déi kreativ a sënnvoll Léisunge fanne fir ze strofen, ouni dass mir esou vill Persounen an de Prisong musse stiechen. Dat neit Gesetz gesäit all des Méiglechkeete vir, mee mir fäerten, dass et weiderhin eng „solution de facilité“ wäert sinn, fir d'Persounen am Konflikt mam Gesetz einfach anzespären.

Apropos neie Prisong Uerschterhaff : Op der enger Säit ass et natierlech gutt, dass een Prisong gebaut gëtt fir Persounen déi an Untersuchungshaft sinn. Op der anerer Säit besteet d'Gefor, dass mat der Ouverture vum Uerschterhaff a mat 400 Plaze méi am Prisong, nach manner no alternative Strofe wäert gesicht ginn an et de Riichter nach méi einfach gemaach gëtt d'Léit am Konflikt mam Gesetz ewech ze spären.

D'Beispill vun der Extensioun vu Schraasseg ass signifikativ fir des gefaarten Evoluitioun<sup>10</sup> :

<sup>6</sup> [https://abp.public.lu/actualites/2017/06/pelle\\_uerschterhaff/index.html](https://abp.public.lu/actualites/2017/06/pelle_uerschterhaff/index.html)

<sup>7</sup> Council of Europe Annual Penal Statistics SPACE I – Prison Populations Survey 2015 UPDATED ON 25TH APRIL 2017 – **Säit 121** - [http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE\\_I\\_2015\\_FinalReport\\_161215\\_REV170425.pdf](http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE_I_2015_FinalReport_161215_REV170425.pdf)

<sup>8</sup> Norwegen huet een Score vun 70,3 Persounen am Prisong pro 100 000 Awunner - Council of Europe Annual Penal Statistics SPACE I – Prison Populations Survey 2015 UPDATED ON 25TH APRIL 2017 – **Säit 34** - [http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE\\_I\\_2015\\_FinalReport\\_161215\\_REV170425.pdf](http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE_I_2015_FinalReport_161215_REV170425.pdf)

<sup>9</sup> An zemools d'Ecole de la deuxième chance déi ganz ville jonke Leit eng Perspektive bitt no enger ratéierter Grondausbildung.

<sup>10</sup> Ministère de la justice – Rapport d'activité 2017 – **Säit 396** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

2001: 275 Plazen zu Schraasseg - 320 Persounen am Prisong  
2002: Ausbau vu Schraasseg op 600 Plazen  
2004 : 520 Persounen am Prisong  
2006 : bal 700 Persounen am Prisong

Eis Justiz hat et also fäerdeg bruecht bannent 5 Joer d'Zuel vun de Persounen am Prisong méi wéi ze verduebelen.

Obwuel de Minister Braz ëmmer vun engem Réckbau vu Schraasseg schwätzt, si mir eis bal sécher, dass mir eng ähnlech Evolutioun duerch den Uerschtherhaff wäerte kréien. Länner wéi Holland an Norwegen maachen hir Prisongen zou, a mir baue esou ee Mega-Prisong.

Ze betounen, ass och nach dass de Prisong un sech ëmmer nëmmen als ‚dernier recours‘ sollt ugesi ginn. D'Untersuchungsriichter sollten all aner Méiglechkeet envisagéieren (Foussfesselen, ‚contrôle judiciaire‘, asw) an eréischt, wann des Mesuren näischt bréngen, eng Persoun an de Prisong stiechen. Mir hunn awer den Androck, dass zu Lëtzebuerg d'Léit mol an de Prisong gestach ginn, an dann gëtt mol iwweperluecht wéi et soll weidergoen. Natierlech sinn d'Dégâts vun esou engem System enorm grouss fir déi betraffe Persounen an hir Familljen.

#### 1.1.2.2. Sozial Käschten

Eng Prisongsstrof bedeit fir ganz vill Persounen : Wunneng fort, Aarbecht fort, leider och ganz oft Famill a Frënn fort a meeschtens och nach d'Reputatioun dobäi. Déi meescht Persounen déi am Prisong sinn, kréie reegelrecht den Teppech ënnert de Féiss ewech gezunn an dat och schonns bei relativ klenge Strofen.

D'Famillje leiden natierlech och heirënner – mëscht iergendeen sech Gedanke wat et bedeit fir d'Kanner an esou engem klenge Land wann de Papp am Prisong ass? De Rutsch an d'Aarmut ass virprogramméiert fir ganz Famillje: si mussen hir Wunneng opginn, d'Frae sëtzen eleng mat de Kanner, asw.

Duerch den aktuelle repressive System ginn all Joer, sëlliche Familljen zu Lëtzebuerg reegelrecht zerstéiert. Ganz oft huet esou ee Prisongsopenthalt liewenslaang Konsequenze fir d'Kanner, d'Elteren, d'Partenairen an natierlech de Strooftäter selwer.

Mir géifen zu Lëtzebuerg vill Sue spueren a vill manner Misär schaffen, wa mir manner Persoune an de Prisong stiechen.

An dësem Kontext musse mir och nach dorops hiweisen, dass d'Aschreiwung am ‚casier judiciaire‘ nach ëmmer diskriminatoresch fir Persounen am Prisong ass. Aus Zaitgrenn kenne mir net am Detail op dëse Sujet agoen, mee fait ass dass de ‚Bulletin N° 2‘ zur Konsequenz huet, dass haaptsächlech Lëtzebuerger defavoriséiert sinn, par Rapport zu Ausländer, wann et em d'Sich no enger Aarbechtsplaz geet<sup>11</sup>.

Mir héiere vu ville Leit vu Givenich, déi duerch hiren ‚casier judiciaire‘ keng Aarbechtsplaz fanne – mat dramatesche Konsequenze fir hier Reinsertioun. Vill Patronen hunn einfach net déi néideg Kompetenz fir ee ‚casier judiciaire‘ z'interpretéiere – eng einfach Inscriptioun geet duer fir de Patron ze veronsécheren, mat der Konsequenz dass des Persoun net agestellt gëtt<sup>12</sup>.

---

<sup>11</sup> Extrait de l'Avis de la Ligue des droits de l'homme sur le projet de loi 6418 relatif à l'organisation du casier judiciaire et aux échanges d'informations extraites du casier judiciaire entre les Etats membres de l'Union européenne et propositions complémentaires concernant le projet de loi 6381 portant réforme de l'exécution des peines : « (...) il est clair que le dispositif du casier judiciaire prévu par le projet de loi 6418 conduira à une véritable discrimination des condamnés luxembourgeois sur le marché du travail, par rapport aux condamnés non luxembourgeois. »

Den ganzen Avis kënne ënnert folgender Adress consultéiert ginn : [http://www.ldh.lu/ALOS-LDH\\_-\\_Avis\\_sur\\_la\\_reforme\\_du\\_casier\\_judiciaire\\_\\_projet\\_de\\_loi\\_6418\\_2013-03-08.pdf](http://www.ldh.lu/ALOS-LDH_-_Avis_sur_la_reforme_du_casier_judiciaire__projet_de_loi_6418_2013-03-08.pdf)

<sup>12</sup> Natierlech ass et evident dass verschidde Veruerteelungen net dierfe verstoppt ginn : zum Beispill Verkéiersdelikter fir ee Chauffeur oder Pädophilie fir Erzéier

Een aneren Dauerbrenner ass d' Aféierung vum ‚code de travail‘ am Prisong. Mat 35 Stonnen Aarbecht pro Woch verdéngt een am Ufank (am Palier 1) ongeféier 150 Euro de Mount an et ass ee weder an enger Krankekeess nach an der Pensiounskeess. Vill Persoune sinn an enger ganz schwiereger finanzieller Situatioun : si mussen deels Schuedenersatz un eng ‚partie civile‘ bezuelen, hier Familljen dobaussen ënnerstetzen oder probéieren eppes ze spueren ... an dat mat deem mickrege Loun. Dobäi kennt, dass Persoune mat laange Strofe während dëser Zäit a keng Pensiounskeess abezuelt hunn, mat der Konsequenz dass si spéiderhi ganz no un der Aarmutsgrenz wäerte musse liewen.

### 1.1.3. Lenteur judiciaire

Zu Lëtzebuerg dauert et oft ganz laang, bis dass een normaalt Strofverfaare viru Geriicht kennt - vum Bommeleeërprozess oder Luxairprozess guer net ze schwätzen.

Déi Zäit bis zum Prozess ass eng ganz schwéier Zäit fir den Ugeklote, deen an der Untersuchungshaft ee Joer oder méi op säi Prozess muss waarden, ouni d' Méiglechkeet ze hunn, richteg Stellung zu senger Affär ze huelen. Dëse schwierege Wee mussen hei zu Lëtzebuerg sëllege Persoune goen.

Mee och fir déi Persoune wou op fräie Fouss op hire Prozess waarden, ass d' Situatioun net einfach : net ze wësse wéi d' Uerteel vun engem Riichter wäert sinn an dat während Joren ass onmënschlech. Esou ass et och onméiglech sech op seng Zukunft kënne virzebereeden.

Dobäi kennt nach, dass et och aus den Ae vum Affer net vill Sënn mécht, wann eng Strof net direkt geschwat gëtt. En plus ass et nach belaauschtend wann ee Joren no der Dot erëm domadder konfrontéiert gëtt.

Firwat si Prozeduren hei zu Lëtzebuerg esou laang? Wat sinn d' Ursaachen heivunner a gouf an de leschte Joren heiranner eppes geännert?

Mir wäerten am zweeten Deel gesinn, dass déi meescht Partie fuerderen, fir méi Personal am Justizwiesen anzestelle – dogéint huet natierlech keen eppes, mee trotzdeem stellen sech folgend Froen: wéi grouss ass eis Magistrature par Rapport zur Populatioun? Wéi vill Fäll betreit ee Magistrat zu Lëtzebuerg pro Joer? Des Donnéeë misste Mol mam Ausland verglach ginn....mee leider feelt et zu Lëtzebuerg un den néidegen Informatiounen.

Zu Lëtzebuerg gëtt och just 6 Stonne pro Dag um Geriicht verhandelt : vun 9 bis 12 a vun 3 bis 6. Natierlech wëll kee Mënsch dass mir bis déif an d' Nuecht era verhandele wéi am Frankräich ... wann een awer nëmme 6 Stonne pro Dag verhandelt am Plaz 8, ass et jo och kee Wonner wann hei Retarden entstinn. Mir froen eis op et net awer méiglech wier, fir den Drock op d' Magistrature bëssi ze erhéijen, fir dass een och zu Lëtzebuerg kann vun engem ‚délai raisonnable‘ schwätzen.

Bei den Non-Residenten ass d' Situatioun nach méi dramatesch wéi bei de Residente. Si gi quasi ni aus der Untersuchungshaft entlooss wéinst dem ominöse ‚risque de fuite‘. Déi meescht Non-Residente setzen dann minimum 6-9 Méint zu Schraasseg an Untersuchungshaft, oft fir Klenggekeeten. Duerno am Prozess kréie si dann oft eng Strof déi liecht iwwert deem ass, waat si schons ofgesat hunn a ginn dann aus dem Land verwise. Zum Beispill ginn et Non-Residenten, déi ee Joer Prisong kréie fir ee ‚vol à l' étalage‘, wou ee Resident wahrscheinlech keng Prisongsstrof krut hätt. Och hei feelt et ganz kloer un den néidege Statistike fir Liicht an d' Donkelt eran ze kréien. Eng kloer Analyse vun dëser Situatioun géif vläicht zu enger Reform an dësem Domaine féiere oder géif des Abuse verhënnere.

D' DP an och LSAP schwätzen sech an hirem Walprogramm fir eng ‚comparution immédiate‘ aus – dëse System gëtt am Ausland vu ville Mënscherechtsorganisatiounen strikt ofgeleent. Mir deelen zwar déi Meenung och, mee an den Fäll vun klengen Delikter mengen mir awer, dass esou ee System zu Lëtzebuerg de Virdeel hätt, dass een d' Zait an der Untersuchungshaft kennt limitéiere – natierlech misst de ‚respect de la procédure judiciaire‘ garantéiert sinn.

## 1.2. Wat bréngen déi zwee nei Gesetzer<sup>13</sup> vum 20 Juli 2018?

Des zwee nei Gesetzer si ganz sënnvoll a bréngen och de Persounen, déi am Konflikt mam Gesetz si, epuer Erlichterungen. Ze bedauern ass awer dass, et méi wéi 5 Joer gedauert huet fir dat Gesetz ze finaliséieren an dass mir a kengem Beräich méi weit gi wéi an den aneren europäesche Länner.

Vill Leit hätten sech vun engem grénge Justizminister méi erwaart!

D'Normalisatioun vum Sursis, d'Foussfessel, de Fait, dass d'Semi-liberté ausgeweit gëtt, asw. sinn natierlech méi wéi wëllkomm. Mir mussen awer betounen, dass mir hei just dat ëmsetzen, wat et an deene meeschte Länner schonns laang gëtt.

Wéi gesot, sinn an deem neie Gesetz ganz vill gutt Punkten, déi de Persounen am Prisong sécherlech wäerten Avantage bréngen. Et ass awer onverständlech dass de Volet „exécution des peines“ net anstänneg reforméiert gëtt, an dass weiderhin all Pouvoir an der Hand vum Parquet général d'Etat läit, och wann et elo méiglech ass ee Recours bei der „Chambre d'exécution des peines“ ze maachen. Et soll eng onpartielech Institutioun sech heirëm këmmen.

Am Joer 2012 hat den deemolege Justizminister François Biltgen (CSV) bëssi méi Wäitsicht : *'Le projet de loi n°6381 prévoyait l'instauration d'une chambre d'application des peines décidant, avec double degré de juridiction, des différentes modalités de l'exécution des peines. Le projet de loi sous examen laisse ce pouvoir entre les mains du procureur général d'Etat'<sup>14</sup>.*

Den deemolege Mediateur Marc Fischbach huet sech och gefrot *,ob eine Behörde, die die Anklage vertritt, überhaupt für die Vollstreckung des Hafturteils zuständig sein sollte'.*

Déi deemoleg Rapportere vun deem Projet de loi waren de Gilles Roth an de Léon Gloden. Mir fannen et bedauernswert, dass si sech des Kéier bei dësem ganz wichtege Punkt net richtig zu Wuert gemellt hunn, zemools well si jo haut nach an der Commission juridique setzen. Natierlech kënne mir och net verstoen, dass déi aktuell Raportrice vun dësen zwee Gesetzer, d'Madamme Sam Tanson, net méi insistéiert huet, fir dëse Punkt op mannst Mol a Fro ze stellen.

Ganz vill Acteure kritiséieren och an hiren Avisen des Zoustänn: d'Commission Consultative des Droits de l'Homme<sup>15</sup>, d'Association des Avocats Pénalistes<sup>16</sup>, d'Ligue des droits de l'homme an zum Deels och de Mediateur.

Mir kennen einfach net verstoe, firwat den Här Minister Felix Braz esou wéineg Vertrauen an een onofhängege Riichter kenn hunn, fir des wichtege Aufgab einfach dem Parquet général d'Etat z'iwwerloossen. Mir kennen och net verstoen dass d'Riichter sech dat einfach esou gefale loossen. An mir kennen och net verstoe wat de Conseil d'Etat am Joer 2012 dozou bruecht hat, dem Justizminister Biltgen säi Projet de loi esou auserneen ze huelen.

Een anere Volet vum Gesetz ass de ‚Plan volontaire d'insertion‘ : Natierlech ass dëse Plang eng positiv Saach. An deem Kontext wëlle mir awer drop hiweisen dass et an deene leschte

---

<sup>13</sup> Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire + Loi du 20 juillet modifiant 1° le Code de procédure pénale en introduisant un titre IX concernant l'exécution des peines 2° le Code pénal 3° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire 4° la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

<sup>14</sup> Avis du Conseil d'Etat – 17.03.2017 – **Säit 13**

<sup>15</sup> Avis du 09/05/2017 de la Commission Consultative des Droits de l'Homme : (...) La CCDH ne partage pas ce point de vue, alors qu'elle considère que la critique principale qui peut être adressée au système actuel de l'exécution des peines est que l'exécution des peines se trouve exclusivement entre les mains de la partie poursuivante. Il n'est pas normal que les décisions à prendre en matière d'exécution des peines sont prises par le Parquet qui a initié les poursuites contre la personne qui subit sa peine et non pas par un organe juridictionnel.

<sup>16</sup> Avis du 23.10.2017 de l'ALAP (Association Luxembourgeoise des Avocats Pénalistes) : L'ALAP se rallie à la contestation de principe soulevée par la Commission Consultative des Droits de l'Homme dans son avis du 02/2017. Le parquet, rappelons-le, est une institution avec un statut particulier au sein de la magistrature. Alors que cette institution aura passé parfois de longues périodes à poursuivre le condamné et à chercher sa condamnation, comment pourrait-il prétendre de l'impartialité nécessaire au moment de l'exécution des peines ?

puer Joer keng Berufsausbildung<sup>17</sup> méi am Prisong gëtt. D'Maîtres d'enseignement technique hunn d'Diplomer fir kennen auszubilden awer leider geschitt an deem Kontext näischt méi, wat jo eng katastrophal Situatioun ass. Mir froen eis wéi esou ee 'Plan d'insertion volontaire' soll funktionnéiere wann et enger Persoun am Prisong net erlaabt gëtt eng Berufsausbildung ze maachen?

## 2. Partie : Analyse vun de Walprogrammer

Et ginn vill Argumenter fir dass d'Parteien sech em d'Problematik vun der Justiz a vum Strofvollzuch këmmere :

Et ass einfach nëmmen human, wann eensech em des Persounen këmmert – si hunn ee Feeler gemaach, dofir sinn si agespaart ginn an hunn deemno fir hier Strofdote bezuelt.

Mee natierlech ass et och eng Fro vu Sécherheet fir eist Land : et si bal nëmme jonk Männer déi an de Prisong gestach ginn - den Duerchschnëttsalter vun den Persounen am Prisong ass 36 Joer<sup>18</sup>. Jiddereen deen haut am Prisong sëtzt, wäert iergendwann erëm eng Kéier op fréie Fouss kommen. Et geet also net duer nëmmen héich Maueren ze bauen, mee et muss ee deene Persounen och hëllefene dee richtegen Wee ze fannen. Vun deene 698 Persounen am Prisong sinn 32% Recidivisten<sup>19</sup> - d'Zill vun all Strofvollzuch misst si fir des héich Zuel op den absolute Minimum ze reduzéieren.

Déi meescht Partei sinn sech dëser Situatioun och bewusst – schliisslech sinn an all de Parteien Affekote – mee leider felt et no de Walen oft um Courage fir des "waarmt Eisen" unzepacken.

Mir wäerten de Programme vun all Partei unhand vun dëse 4 Punkten duerchlichten:

① **Drogeproblematik:** 22% vun de Männer a 26 % vun de Fraen<sup>20</sup> setzen am Prisong wéinst enger "infraction en matière de stupéfiants" – mir sinn eis schonns bewusst dass een normalen Drogekonsument net direkt an de Prisong kennt, trotzdem ass déi héich Zuel ganz kloer ee Resultat vun enger gescheiterter Drogepolitik<sup>21</sup>. Dobäi kennt jo dass d'Beschaffungskriminalitéit nach méi Persounen an de Prisong bréngt. Wat proposéieren also eis grouss Parteien fir dass des Problematik sech entschäerft?

② **Modernisatioun vum Code pénal a vun der Justiz :** vill Parteien hunn esou eng Adaptatioun déi lescht Jore gefuerdert. Wéini passe mir mol endlech eis Strofen dem neie Joerdausend un? Hunn eis Politiker Angscht virum Vollek an huelen dobäi a Kaf dass 700 Persounen pro Joer am Prisong sinn? Mir hu gekuckt, wéi de Parteien hier Positiounen zu dësem Thema sinn.

③ **Exécution des peines:** Obwuel dëse wichtege Deel net hätt dierfen an den Hänn vum Parquet général d'Etat bleiwen, hoffe mir dass dem Här Minister Braz seng Reform Verbesserunge wäert bréngen. Mir waarden of a wäerte ganz genee analyséieren ob des Reform och wierklech Erliichterunge fir d'Persounen am Prisong bréngt. Mir analyséieren trotzdem, wat eis grouss Parteien zu dësem Punkt an hire Walprogrammer stoen hunn.

---

<sup>17</sup> Vun der aktueller Regierung war daat un sech ganz aanecht geplangt : extrait aus dem 'Programme gouvernemental' vun 2013 : Un recours plus poussé aux alternatives à l'incarcération, avant et après la condamnation, **ainsi qu'aux formations qualifiantes sera mis en œuvre.**

<sup>18</sup> Ministère de la justice – Rapport d'activité 2017 – **Säit 394** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

<sup>19</sup> Ministère de la justice – Rapport d'activité 2017 – **Säit 411** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

<sup>20</sup> Ministère de la justice – Rapport d'activité 2017 – **Säit 403** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

<sup>21</sup> Extrait aus dem Rapport 2018 vun der 'Commission Globale De Politique En Matière De Drogues' : « Quant aux acteurs non-violents du bas de la pyramide des activités délictueuses en relation avec la production, le transit, la vente de substances psychoactives illégales, les peines qu'ils encourent apparaissent de plus en plus comme totalement disproportionnées : certains risquent la peine de mort ou des durées d'incarcération supérieures à celles prononcées pour des crimes attentant à la vie et à l'intégrité corporelle des victimes ; les circonstances atténuantes et impasses existentielles, économiques et sociales, qui ont conduit à la commission de ces délits, ne viennent pas diminuer la rigueur des sentences. Le respect des droits humains, le développement et la cohésion sociale exigent des peines proportionnelles, des peines alternatives ou l'amnistie, lorsque des mesures économiques et politiques donnent à ces petits délinquants d'autres perspectives que celles qu'offrent des activités liées aux drogues. » - **page 6** - [https://www.grea.ch/sites/default/files/fr-2018\\_regulation\\_report\\_web-final.pdf](https://www.grea.ch/sites/default/files/fr-2018_regulation_report_web-final.pdf)

④ **Vie en prison / réinsertioun:** Wann eng Persoun dann zu enger Prisongsstrof veruerteelt ass, ass et wichteg fir dass d'Zäit am Prisong esou sënnvoll wéi méiglech genotzt gëtt fir des Persounen ob ee Liewen a Fräiheet virzebereeden. De Gros vun de Persounen am Prisong huet kee Schoulofschloss – et wier also ee Minimum wann een des Persounen dozou géif kréien een Diplome am Prisong nozehuelen.

Wat proposéieren also eis grouss Parteie fir eng optimal Reinsertioun ze erméiglechen? Ginn et Parteien déi ee Konzept hunn vun engem moderne Strofvollzuch? Mir hunn probéiert d'Walprogrammer vun de Parteien och heizou ze analyséieren...mat deels erschreckende Feststellungen.

Conclusioun / Kommentar : mir hunn eis erlaabt, fir all Partei ee klengen Iwwerbléck ze redigéieren.

Mir fänken mir mat den 3 Gambia Parteien un:

## 2.1. Demokratesch Partei (DP)

<p><b>① Drogenproblematik</b></p> <p>- Cannabis kontrolliert freigegeben: Für die DP ist die repressive Drogengesetzgebung der letzten Jahrzehnte gescheitert. Die DP wird einen neuen Weg einschlagen und spricht sich daher für die Möglichkeit einer staatlich kontrollierten Abgabe von Cannabis an Erwachsene aus. (...) Eine legale, vom Staat überwachte Abgabe von Cannabis wäre ein bedeutender Schlag gegen den illegalen Drogenhandel, das Kerngeschäft vieler krimineller Organisationen. Die durch die kontrollierte Abgabe erzielten Einnahmen sollen integral in die Präventions- und Informationsarbeit entsprechender Initiativen und Beratungszentren im Rahmen der Drogenhilfe und -beratung fließen.</p>
<p><b>② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz</b></p> <p>- „Comparution immédiate“ einführen          - Verjährungsfrist für Vergewaltigungen abschaffen          - Die DP wird den aktuellen Strafkatalog überprüfen und wenn nötig den heutigen Gegebenheiten anpassen          - Personal der Justiz massiv aufstocken</p> <p>Die DP wird die Verfahrensdauer an den luxemburgischen Gerichten deutlich verkürzen, indem wir der Justiz die nötigen personellen und finanziellen Mittel geben, um so effizient wie möglich arbeiten zu können. Den Personalangel der Justiz wollen wir unter anderem durch eine weitere Vereinfachung der Einstellungsprozedur für Magistrate beheben.</p>
<p><b>③ Exécution des peines</b></p> <p>- Alternative Strafformen einführen</p> <p>Wir werden außerdem die Einführung alternativer Strafen, wie zum Beispiel pädagogischer Strafen bei Verkehrsdelikten oder Arbeiten im öffentlichen Interesse überprüfen und in Pilotprojekten testen. Wir setzen uns auch für einen differenzierten Strafvollzug ein, durch den Kleinkriminelle wieder schneller in die Gesellschaft eingegliedert werden können.</p>
<p><b>④ Vie en prison / réinsertioun</b></p> <p>- Die DP wird nicht weiter akzeptieren, dass Minderjährige im Gefängnis inhaftiert werden und deshalb in die notwendigen Infrastrukturen investieren, um dies in Zukunft zu verhindern.</p>
<p><b>Conclusioun / Kommentar</b></p> <p>De Virschlag vun der „Comparution immédiate“ huet seng gutt an seng schlecht Säiten. Zu Lëtzebuerg mat eisen onméiglech laangen Delaien hätt dëse System jo den Virdeel dass d'Untersuchungshaft fir vill Persoune géiff gekierzt ginn. Natierlech wëlle mir awer drop hiweisen, dass esou ee System net zum Nodeel vun der Verteidigung dierf genotzt ginn.</p> <p>Iwwert déi Fuerderung fir d'Verjährungsfristen bei Vergewaltigungen ofzeschaffen, kenne mir just Folgendes soen : pure Populismus.</p>

Am Joer 2013<sup>22</sup> hat d'DP sech nach fir ee ‚Conseil supérieur de la justice‘ ausgeschwat - leider fanne mir am Walprogramm vun 2018 näischt méi dovunner. Mir kënnen dat net richtig verstoen, firwaat d'DP sech net kloer zu dësem Conseil bekennt.

Déi 3 Gambia Parteie si sech bei folgenden Themaen plus minus eens :

- Drogeproblematik • Modernisatioun vum Code pénal • Opstocken vum Personal vun der Justiz • Alternative Strafformen • Keng Mineuren am Prisong

## 2.2. Lëtzebuenger sozialistesch Aarbechterpartei (LSAP)

### ① Drogenproblematik

- Nach der Cannabis-Freigabe für therapeutische Zwecke in Luxemburg wird die LSAP noch einen Schritt weiter gehen und den Cannabis-Verkauf und -Konsum auch für rekreative Zwecke ab 18 Jahren erlauben und staatlich regeln.
- Außerdem wird die LSAP neue Wege gehen zur dauerhaften Bekämpfung der Drogenproblematik (z.B. in Luxemburg-Gare, Esch/Alzette und Ettelbrück) und wird dabei auf eine Kombination von Prävention, Betreuung, kontrollierter Abgabe auch von harten Drogen und Repression setzen. Die LSAP wird sich dazu an erprobten Modellen in anderen Städten und Ländern inspirieren.

### ② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz

- Deshalb wird ein nationaler Justizrat eingeführt werden, der diese Unabhängigkeit und ein korrektes Funktionieren der Justiz gewährleistet. Dieses neue Organ wird sich u.a. mit der Ernennung von Richtern sowie mit disziplinarischen und deontologischen Fragen befassen.
- Für die LSAP ist es prioritär, Gerichte und Justizverwaltungen sowohl materiell wie auch personell mit den erforderlichen Mitteln auszustatten.
- Da der ungehinderte Zugang zur Justiz jedoch ein Menschenrecht ist, wird die LSAP die staatliche Rechtshilfe reformieren und so den Kreis der Nutznießer erweitern. Der Kreis der Nutznießer dieser Maßnahme wird erweitert. Eine erste kostenlose juristische Beratung der Bürger gehört auch zum Konzept einer bürgernahen Justiz.
- Die LSAP wird auch dafür sorgen, dass sämtliche als verfassungswidrig eingestuftes Gesetzesbestimmungen abgeschafft oder zeitnah verfassungskonform gemacht werden.
- Vereinfachung der Gerichtsverfahren und alternativer Strafvollzug  
Eine Vereinfachung der Gerichtsverfahren und ein verstärkter Rückgriff auf alternative Strafen werden ebenfalls zu einem Rückgang der Verfahrensdauer beitragen.
- In der Strafjustiz wird die Einsetzung eines Eilverfahrens bei eindeutiger Sachlage vorgeschlagen ebenso wie ein verstärkter Rückgriff auf die Möglichkeit, Urteile im Einverständnis mit den Beschuldigten zu fällen. Das bestehende Gesetz zum Urteil im Einverständnis soll geprüft und gegebenenfalls abgeändert werden.
- Die LSAP will die allgemeinen Reformen des Strafrechts vorantreiben: Die verschiedenen Strafgesetze und die Verjährungsfristen müssen überarbeitet und harmonisiert werden.

### ③ Exécution des peines

- Auch bei der Vollstreckung von Urteilen sind Vereinfachungen und Kostenreduzierungen notwendig.
- Jeder Strafrichter sollte als Alternative zu Gefängnis oder Geldstrafe allgemeinnützige Arbeiten verordnen dürfen.
- Arbeiten im öffentlichen Interesse sind als Alternativen zum klassischen Strafvollzug zu organisieren.

### ④ Vie en prison / réinsertioun

<sup>22</sup> Extrait Walprogramm 2013 : (...) „Conseil supérieur de la Justice“ soll Unabhängigkeit der Justiz stärken Wir wollen durch das Einsetzen eines „Conseil supérieur de la Justice“ die Unabhängigkeit der Justiz stärken bzw. die Einflussnahme der Politik auf das Justizwesen verhindern. Er soll mit Magistraten und Nicht-Magistraten besetzt sein. Seine Zuständigkeit soll in Fragen der justizeigenen Disziplinarverfahren, der Beförderung der Richter und Staatsanwälte, der Annahme von Bürgerbeschwerden und der allgemeinen Überwachung der administrativen und prozeduralen Gerichtsarbeit gelten.



- Mit der Reform des Strafvollzugs und der zuständigen Verwaltung sind die Voraussetzungen für einen humanen und effizienten Strafvollzug geschaffen.
- Minderjährige Straftäter dürfen nicht mit erwachsenen Tätern unter einem Dach untergebracht werden.
- Die LSAP wird darüber hinaus Übergangsstrukturen einrichten, die die Wiedereingliederung der Täter in die Gesellschaft erleichtern helfen.

### **Conclusioun / Kommentar**

Souwuel 2013 wéi 2018 setzt d'LSAP sech ganz kloer fir d'Schaafe vun engem „Conseil suprême de la Justice“ an, wat jo méi wéi néideg ass.

Den Zougang zu der Justiz ass net ganz bëlleg. D'Iddi fir eng *“assistance judiciaire”* méi Leit zoukommen ze loossen, gëtt natierlech vun eis ënnerstëtzt an ass och méi wéi néideg – vill Persounen déi mam Gesetz a Konflikt kommen, hunn eng schlecht finanziell Situatioun. Natierlech soll den Zougang och fir d'Affer vun enger Strofdot erlichtert ginn.

Ze begréissen ass et och dass d'LSAP sech fir de Projet *“Maisons de transition”* a setzt.

Verwonnert si mir iwwert den Ëmstand dass *“sämtliche als verfassungswidrig eingestuftes Gesetzesbestimmungen abgeschafft oder zeitnah verfassungskonform gemacht werden“*. Mir sinn doriwwer verwonnert, dass esou Gesetzer iwwerhaupt an der Chamber konnten gestemmt ginn (a mir géife gär wëssen em wat fir eng Gesetzer et sech dann heibäi handelt). Mir sinn awer och verwonnert, dass d'LSAP déi Mise à jour net an de leschte 5 Joer gemaach huet.

Déi 3 Gambia Parteie si sech bei folgenden Themaen plus minus eens :

- Drogenproblematik • Modernisation vum Code pénal • Opstocken vum Personal vun der Justiz • Alternative Strafformen • Keng Mineuren am Prisong

Mir hoffen, dass sech LSAP an den nächsten Joren méi staark wäert maachen fir déi sëllechen Persounen déi am Prisong sinn – dat wier eng sozial an sënnvoll Politik.

## **2.3. Déi Gréng**

### **① Drogenproblematik**

Da Kriminalisierung und Repression süchtiger Menschen keine Lösung ist, unterstützen déi gréng vor allem den Ansatz *„Therapie statt Strafe“*. Ein Suchtkranker gehört nicht ins Gefängnis, sondern braucht Hilfe um die Sucht zu überwinden und sich wieder zu reintegrieren.

(...) eine Verringerung des Schwarzmarktes und der Beschaffungskriminalität

### **② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz**

- Außerdem müssen wir durch Reformen des Justizapparates und des geschriebenen Rechts dafür sorgen, dass die Justiz Schritt halten kann mit den rasanten Entwicklungen der modernen Welt.

déi gréng werden:

- déi gréng werden den „Conseil suprême de la justice“ sowie die Unabhängigkeit aller Magistraten in der Verfassung verankern und das Gesetz zur Schaffung des Conseil suprême de la justice schnellstmöglich verabschieden

- déi gréng werden die juristische Beihilfe stärker nach Einkommen staffeln, mehr Menschen zugänglich machen, sowie auf gerichtliche und außergerichtliche Mediation ausweiten, damit das Recht auf juristischen Beistand einerseits und eine faire Vergütung der Leistungen andererseits gewährleistet sin

- déi gréng werden Audio- und Videoaufnahmen im Gerichtssaal einführen als Ersatz für die heute gültigen „plumitifs

- déi gréng werden das Straf-, Zivil- und Prozessrecht einer grundlegenden Prüfung unterziehen, gegebenenfalls modernisieren und prozedurale Vereinfachungen umsetzen;

### ③ Exécution des peines

- déi gréng werden die Reform im Strafvollzug weiterführen, wobei der Fokus auf der Wiedereingliederung der Strafgefangenen in die Gesellschaft liegt;  
- das Konzept der „Maisons de transition“ in Luxemburg umsetzen, da diese Häuser Häftlinge darauf vorbereiten selbstverantwortlich zu handeln und sich in einem Lebensumfeld zurechtzufinden, das offener ist als das Gefängnis;  
- alternative Strafen noch stärker berücksichtigen, wie beispielsweise die elektronische Fußfessel oder der Gemeinschaftsdienst

### ④ Vie en prison / réinsertioun

- das Konzept der „restaurativen Justiz“ („justice restaurative“) umsetzen, in der Regel nach Abschluss des Prozesses, bei der das Augenmerk auf der Möglichkeit zu freiwilligen Gesprächen zwischen Opfer und Täter liegt, sowie einer persönlichen Rechenschaftspflicht und Verantwortung gegenüber der Opfer, bis hin zur Wiedergutmachung des zugefügten Schadens durch die Täter  
- die Betreuungsangebote und Strukturen für Jugendliche, die sich in einer Notsituation oder im Konflikt mit dem Gesetz befinden, grundsätzlich reformieren

### Conclusioun / Kommentar

Déi Gréng hunn et, mat hirem Justizminister Felix Braz, zum Deel verpasst, hir gutt Iddie vun 2013 ëmzusetzen. Et ass wierklech een Trauerspill, wann een de Walprogramm vun 2013 duerchliest an dann gesäit wat realiséiert ginn ass. Et ass schued dass ee Justizminister aus dem lénke politesche Lager souvill verpasst huet :

- *Déi Gréng werden die Drogengesetzgebung grundlegend reformieren*
- *Déi Gréng werden eine intensivere Betreuung und längere materielle Unterstützung nach der Entlassung schaffen die Grundlagen gegen Strafrückfälligkeit*
- *Déi Gréng werden die Erstellung klarer Statistiken über die Strafrückfälligkeit in Auftrag geben, damit die Qualität unseres Strafvollzugs evaluiert werden kann*
- *Déi Gréng werden die elektronische Fußfessel<sup>23</sup> im Strafvollzug fördern, unter der Voraussetzung, dass sie nur mit dem Einverständnis der verurteilten Straftäter genutzt werden kann.*

Mir wollten de Punkt ‘elektronesch Foussfessel’ méi genee belichte – mir géifen dat och gäre fir aner Saache maachen, mee leider feelen eis déi versprache Statistiken:

Zuel vun de Persounen déi “sous surveillance électronique” stinn, ass vu 25<sup>24</sup> (01/2016) op 11 (12/2017) erofgaangen an dëst an der Phase wou den Felix Braz Justizminister war. Dass elo endlech am neie Gesetz d’Foussfessel ee legale Cadre krut, ass natierlech ze begréissen. Mir sinn op allen Fall gespaant wéi des Measure an den nächste Jore wäert agesetzt ginn.

De Fait dass d’Mineuren nach ëmmer am Prisong setzen dierfen, ass immens enttäuschend. De Minister Felix Braz huet sech hei der Magistrature senger Meenung ënnerworf, géint ALL Avis vun folgenden Organisatiounen : Ombuds-Comité pour les Droits de l’Enfant, Commission consultative des Droits de l’Homme, Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg, asw. Et ass einfach nëmmen eng absurd Situatioun, dass den ‘Centre socio-éducatif de l’Etat de Dreibern’ fäerdeg gebaut ginn ass, an dass d’Mineuren nach ëmmer op Schraasseg dierfen gestach ginn<sup>25</sup>.

<sup>23</sup> Dëst soll jo mam Gesetz vum 20 Juli 2018 änneren.

<sup>24</sup> Ministère de la justice – Rapport d’activité 2017 – **Säit 414** - [http://mj.public.lu/chiffres\\_cles/rapport\\_activite2017.pdf](http://mj.public.lu/chiffres_cles/rapport_activite2017.pdf)

<sup>25</sup> Hei d’Extraits aus dem Walprogramm vun 2013 vun den 3 Gambia Parteien :

Komme mir awer elo zum Walprogramm vun 2018 : et muss ee soen, dass déi Gréng de beschte Programme unzebidden hunn wat des Problematik ubelängt. Mir sinn gespaant, wat dovunner bei enger eventueller Regierungsbedelegung dobäi eraus kennt.

Déi Gréng setze sech fir d'Schaafe vun engem 'Conseil suprême de la justice' an, wat jo och méi wéi néideg ass.

Déi Gréng wëllen d'Assistance judiciaire erweideren, Audio- and Videoopnahmen am Geriichtssall aféieren an d'Konzept vun de 'Maisons de transition' ëmsetzen....dat kenn een natierlech nëmme gutt fannen.

Am beschte gefält eis awer d'Konzept vun der 'justice restaurative' – obwuel verschidde Länner wéi d'Schwäiz oder Kanada dëst Konzept schonns viru 15 Joer agefouert hunn, steet des Iddi endlech eng Kéier an engem Walprogramm vun enger Lëtzebuerger Partei.

Déi 3 Gambia Parteie sinn sech bei folgenden Themaen plus minus eens :

- Drogenproblematik • Modernisation vum Code pénal • Opstocken vum Personal vun der Justiz • Alternative Strafformen • Keng Mineuren am Prisong

Villes vun deem wat déi Gréng hei proposéieren ass ganz richtig an och ganz wichtig. Mir hoffe just dass des Partei och den Courage wäert hunn eppes ëmzesetze wat si de Leit versprechen.

## 2.4. Chrëschtlech sozial Vollekspartei (CSV)

### ① Drogenproblematik

Die CSV hat das Gesetz zur medizinischen Anwendung von Cannabis als adjuvante Therapie bei verschiedenen Krankheiten aufgrund neuester wissenschaftlicher Erkenntnisse unterstützt. Die CSV lehnt unter den heutigen Umständen die Legalisierung der rekreationellen Anwendung von Cannabis ab, da diese aufgrund der Gesetzeslage in unseren Nachbarländern auf unüberwindbare praktische Hindernisse stoßen würde, wir wären dem Drogentourismus ausgesetzt. Wir befürworten jedoch eine Bestandsaufnahme der heutigen Situation in Luxemburg und werden einer weiteren Diskussion offen gegenüberstehen.

### ② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz

Die CSV setzt sich für eine effizient funktionierende und leicht zugängliche Justiz ein. Die Bürger haben das Recht, dass ihre Angelegenheiten in einem vernünftigen Zeitrahmen abgehandelt werden.

Auch die Kompetenzen des Einzelrichters sollten diskutiert werden.

Das aktuelle Rekrutierungsprogramm für Richter wird über das Jahr 2021 (mittelfristig) hinaus überarbeitet und, falls notwendig, wird auch die Zahl von Richtern aufgestockt.

Wir werden den Tatbestand des Voyeurismus im Strafgesetzbuch verankern.

Die Videoüberwachung im öffentlichen Raum wird, dort wo es Sinn macht, erweitert.

Wir werden das Strafgesetzbuch und die Strafprozessordnung modernisieren. Die CSV wird die Unschuldsvermutung stärken: Staatsanwaltschaft und Untersuchungsrichter sollen die betroffenen Personen künftig, innerhalb eines zeitlich festgelegten Rahmens über den Stand der Ermittlungen und Prozeduren informieren. Die Ermittlungen sollen überdies nur

- DP: (...) und die sich im Bau befindliche geschlossene Anstalt für jugendliche Delinquenten muss schnellst möglich ihrer Bestimmung übergeben werden, um in Zukunft den Betroffenen einen Aufenthalt im Gefängnis zu ersparen.
- LSAP : Dabei wird zu achten sein, dass Minderjährige (...) einen auf sie zugeschnittenen Strafvollzug bekommen.
- Déi Gréng : déi gréng werden Minderjährige nicht in den Gebäuden des klassischen Strafvollzugs unterbringen, sondern für sie eigene angepasste Räumlichkeiten schaffen.

fortgesetzt werden können, unter der Voraussetzung der Vorlage einer Entscheidungsbeurteilung.

Die Justiz wird demokratisiert. Ihr wird ein Justizrat zur Seite gestellt, der sowohl in der Ernennungsprozedur der Richter Mitspracherechte bekommt, als auch bei Disziplinarverfahren.

### ③ Exécution des peines

Näischt fonnt

### ④ Vie en prison / réinsertioun

Näischt fonnt

#### **Conclusioun / Kommentar**

Der CSV hieer Walprogramm ass jo immens spéid komm. Mir hun eis schons d'Méi gemeet fir alles duerchzegucken, mee leider schéint och d'CSV sech net besonnesch fir d'Persounen am Prisong ze intérésséieren.

Dass CSV net fir Liberaliséierung am Drogenberich ass, huet eis natierlech net iwerrrascht.

Mir hoffen dass d'CSV, falls si dann de Justizminister sollte stellen an der nächster Regierung, sech erëm op dem Justizminister François Biltgen beriff fir Saachen ëmzesetzen. déi den Här Biltgen schonns wollt ëmsetzen.

Et ass fir eis schonns komesch dass d'CSV awer och kee Wuert an hirem Walprogramm zum Strofvollzuch seet obwuel jo 698 Persounen direkt dovunner betraff sinn.

Huet d'CSV des Problematik einfach nëmme vergiess fir an hire Walprogramm ze setzen? Oder fäert d'CSV zu dësen Theme Stellung ze huelen....?

## 2.5. Alternativ domokratesch Reformpartei (ADR)

### ① Drogenproblematik

- D'ADR begréisst ausdrécklech d'Liberalisatioun vu Cannabis fir medezinesch Zwecker. Wat de Konsum vu Cannabis als Drog ugeet, stelle mir fest, datt Fuerschungen ëmmer nees d'Geforen an d'gesondheetlech Schied gewisen hunn, déi esou een net geziilt medezinesche Konsum verursaacht.

- D'Police an d'Justiz kréie konsequent all Mëttele, fir wierksam géint den Drogenhandel virzegoen. D'ADR wëll keen Drogentourismus zu Lëtzebuerg. Aus deem Grond ënnerstëtze mir keng Politik, déi esou e Phenomen ervirriff oder begënschtegt. D'Drogepolitik hänkt och vun den Entwécklungen an den Nopeschregiounen an am Ausland of. Ideal wier dowéinst eng koordinéiert Strategie op internationalem Niveau. Esoulaang dat net de Fall ass, gesi mir keng Noutwendegkeet fir eng unilateral Verännerung vun der aktueller Rechtslag.

- Mir verschléissen eis awer net fir aner Therapieformen an der Suchtbekämpfung unzegoen, ewéi z.B de Pilotprojet „TANDIAM“(traitement Assisté à la Diacétilmorphine) eng ass. Dëst ass eng kontrolléiert Ausgab vu pharmazeuteschen Drogen (Substitutioun). Eng kontrolléiert Ausgab verréngert d'Beschafungskriminalitéit ewéi de Weiderverkaf vun Drogen an d'Prostitutioun.

### ② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz

- D'Justiz muss – qualitativ an quantitativ – déi néideg Mëttele kréien, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn an Entscheedungen a verstännegen Delaien ze treffen. Dës Mëttele muss dem Wuesstem vun der Populatioun, den neie Forme vu Kriminalitéit an den Ännerunge vun der Legislatioun ugepasst ginn.

- Weider dærf et am Strofrecht („le tout-judiciaire et le tout-pénal“) net zu enger Flut vun neie Virschreite kommen, déi d'Bierger schikanéieren an d'Gerichter iwverlaaschten.

- All Bierger muss seng Rechter akloen oder sech viru Gericht mat der Hëllef vun engem Affekot verdeedege kënnen. Dofir ass d'„Assistance judiciaire“ fir Leit mat klengem

Akommes do. Aus deem Grond sträiche mir och d'Klausel, déi dës aschränkt a seet, datt Proprietären oder Chauffeure vu Gefierer kee Recht op déi Hëllef hunn.  
- D'ADR fuerdert d'Ofschafe vum Parquet als "Magistrature debout". Dëse gëtt ersat duerch eng Staatsanwaltschaft, déi net der Magistratur ugehéiert.

### ③ Exécution des peines

- Esou gehéiert kee Mannerjärege an de Prisong fir Erwuessener.  
- Déi aktuell Prozedur, déi et erlaabt, all puer Deeg eng Demande fir d'fréizäiteg Entloossung ze stellen, gëtt ersat duerch eng reegelméisseg an „automatesch“ Prozedur vun der „Haftprüfung“.  
- D'ADR steet fir en humane Strofvollzuch. Et sollen alternativ Méiglechkeeten zur Prisongsstrof agefouert ginn. Dëst gëllt haaptsächlech fir Veruerteelter, déi keng Gefor fir d'Allgemengheet duerstellen.

### ④ Vie en prison / réinsertioun

- De Prisong muss eng seriö Resozialiséierung maachen, fir Réckfäll esouwäit ewéi méiglech ze verhënneren. Dowéinst muss de Prisong déi néideg Infrastrukturen a genuch Fachpersonal hunn, fir beispillsweis Formatioun, Weiderbildung an Aarbecht ze sécheren. Wat d'physesch oder d'psychesch Gesondheet ugeet, muss de Prisong akzeptabel Konditiounen bidden. Allerdéngs muss dës Institutioun ëmmer nach e Prisong bleiwen an där net mat engem Hotel verwiesselt ginn.  
Den Transport vu Prisonéier soll weider téschent der Police an de Giischercher opgedeelt bleiwen, woubäi z.B. d'Geféierlechkeet vum Gefaangenen als Kritär mat erugezu gëtt. D'Police suergt fir den Transport téschent dem Prisong an der Justiz, an d'Giischercher iwwerhuelen d'Iwwerweisung an d'Spidol.

### Conclusioun / Kommentar

De Walprogramm vun der ADR huet puer interessant Säiten an awer och puer ganz negativer.

Negativ ass natierlech, dass des Partei strikt géint eng Liberalisatioun an der Drogepolitik ass, mat bëssi abstrusen Argumenter.

Wieder ass et total onverständlech, dass si eng Zort 'Haftprüfung' wëllen aféieren déi verhënnere soll, dass eng Persoun an Untersuchungshaft eng Demande fir fréizäiteg Entloossung kenn maachen. D'ADR bleift eis d'Äntwert schëlleg, wéi esou ee System vun der 'Haftprüfung' soll funktionéieren. Mee och hei feelen eis Statistike, fir genee ze wëssen, ob do een Abus gemach gëtt oder net an en plus sollt et jo Zill sinn fir d'Delaien erof ze setzen, dann géif déi Fro sech hei guer net méi stellen.

Zum Saz '*Allerdéngs muss dës Institutioun ëmmer nach e Prisong bleiwen an där net mat engem Hotel verwiesselt ginn.*' kenn een nëmme soen : topeg an total populistesch.

Positiv fanne mir awer, dass d'ADR als quasi eenzeg Partei Kloertext schwätzt mat folgendem Saz : '*Weider där et am Stofrecht („le tout-judiciaire et le tout-pénal“) net zu enger Flut vun neie Virschräfte kommen, déi d'Bierger schikanéieren an d'Gerichter iwwerlaaschten.*' - mir hunn genuch Leit am Prisong setzen, mir müssen net nach eis Gesetzer verschäerfe fir der nach méi eran ze stiechen.

D'ADR ass leider déi eenzeg Partei déi sech mat deem leidegen Thema vum Gefaangenenentransport beschäftegt. Et wier jo raisonnabel gewiergt fir déi geféierlech Persoune mat der Police ze transportéieren an em déi net geféierlech Persoune géifen d'Giischercher sech bekëmmere. Leider steet am Gesetz vum 20 Juli 2018 eppes anescht. De Minister Braz huet an dësem Fall ganz eegesënneg gehandelt a mir si gespaant, wéi vill Problemer des Decisioun an der nächster Zäit wäert mat sech bréngen.

## 2.6. Déi Lénk

<b>① Drogenproblematik</b>
- abolir certains délits qui ne devraient pas en être, notamment au niveau des stupéfiants. A cause de la criminalisation de la consommation de certaines drogues, la police et la justice doivent investir des moyens disproportionnés dans cette lutte qui manquent à d'autres endroits - légaliser la consommation de cannabis et réglementer sa vente
<b>② Modernisatioun vum Code pénal an der Justiz</b>
– déi Lénk veut faciliter l'accès à la justice par l'extension de l'assistance judiciaire et par un encadrement des tarifs des avocats - déi Lénk veut soumettre le Code pénal et la procédure pénale à une réforme globale visant à réduire les peines d'incarcération et à les remplacer par des peines alternatives. Il faut notamment éliminer les injustices de classe (impunité pour certains comportements gravement préjudiciables à la société, contre une répression sévère des actes de délinquance moins importante), dépénaliser la consommation de drogues, réformer profondément la politique pénitentiaire et faciliter la réintégration des anciens prisonniers dans la société - démocratiser l'accès au droit et en garantir la gratuité, en assurant la publication systématique des décisions de justice sur le site Legilux
<b>③ Exécution des peines</b>
- Il s'agit également de bannir le placement de mineurs dans la prison;
<b>④ Vie en prison / réinsertioun</b>
- (...) réformer profondément la politique pénitentiaire et faciliter la réintégration des anciens prisonniers dans la société
<b>Conclusioun / Kommentar</b>
Déi Lénk schreiwen net ganz vill zu der Problematik vum Strofvollzuch a Justiz. Effektiv sinn si déi 'klingsten' Partei an der Chamber an dofir huele mir alt Mol un, dass si net genuch Moyen hunn fir sech mat dëser Thematik am Detail ze beschäftegen. De Fait dass si sech viru puer Joer géint den Neibau vun dem Mega-Prisong gewiert hunn, léisst eis hoffen dass si och an Zukunft sech éischer fir verstänneg, an net fir populistesch Léisunge wäerten asetzen.  Trotzdeem erwaarte mir an den nächste Joren och méi vun dëser Partei – an Däitschland zb sinn déi Lénk ganz aktiv fir d'Verbesserung vun den Haftkonditiounen an awer och am Kampf géint eng repressiv Justiz.

## 3. Partie : Eis Fuerderungen

Fir ofzeschléissen nach ganz kuerz 6 vun eise Fuerderunge fir déi nächst Legislaturperiod:

### 1) 'Formation qualifiante' zu Schraasseg

*'Des formations professionnelles conduisant à un diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) ou à un certificat de capacité professionnelle (CCP) ne peuvent être offertes actuellement au centre pénitentiaire de Luxembourg<sup>26</sup>.'*

Leider hunn d'Deputéierte Baum a Lamberty sech mat dëser Äntwert ofspeise gelooss an hu guer net nogefrot, firwat da keng Formatioune méi ugebuede ginn. De Problem schéint ze sinn, dass d'Maîtres d'enseignement technique déi gläich Rechter wëlle wéi d'Enseignanten

<sup>26</sup> Extrait de la réponse du Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et du Ministre de la Justice à la question parlementaire N°2922 des députés Gilles Baum et Claude Lamberty.



am Enseignement. D'Konsequenz ass, dass d'Persounen am Prisong un sech d'Affer vun dësem Konflikt sinn, an dat well si schon säit puer Joer keng Ausbildung méi zu Schraasseg kenne maachen, wat jo den Haaptbestanddeel vun der Reinsertioun sollt sinn. Déi nächst Regierung MUSS dëse Konflikt léisen an dofir suergen dass erëm eng Berufsausbildung am CPL ugebuede kann ginn.

## 2) Maisons de transition

*'Caritas Luxembourg se dit donc prête à se lancer dans la création de maisons de transition afin de prévenir le sans-abrisme et le mal-logement, à condition que le gouvernement donne son appu<sup>27</sup>.'*

De Projet läit quasi fäerdeg um Dësch, déi nächst Regierung MUSS des 'maisons de transition' finaliséieren.

## 3) Aféierung vum 'Code de travail' fir all schaffend Persoun am Prisong

*'La Ligue estime que la nouvelle loi devrait garantir l'application du Code de Travail en prison, et elle ne peut que répéter les arguments qu'elle a produits dans ses avis précédents en faveur de l'application de la législation sur le travail dans les centres de détention, du moins dans les aspects ayant trait à la sécurité au travail et à la protection sociale des personnes qui travaillent en détention<sup>28</sup>.'*

Et kenn net sinn, dass de Staat Persounen an de Prisong stécht well si sech net un Gesetzer gehalen hunn, an de Staat hält sech dann net un seng eege Gesetzer a léisst Persounen am Prisong ouni legale Statut schaffen. Déi nächst Regierung MUSS sech dofir asëtzen dass de ,code de travail' am Prisong respektéiert gëtt.

## 4) Conseil suprême de la justice<sup>29</sup>

*'Le présent projet de loi vise à mettre en œuvre le programme gouvernemental de 2013, et plus particulièrement la modernisation de l'État de droit par le biais d'une réforme de la justice. (...) Dans le cadre de la présente réforme, le Gouvernement souhaite non seulement consolider l'indépendance de la justice, mais également rendre la justice plus efficace et plus transparente. Le projet de loi est le fruit d'une concertation avec les parties prenantes. Les principales mesures consistent dans l'institution du Conseil suprême de la justice, la consécration législative de l'indépendance du ministère public et la modernisation du droit disciplinaire des magistrats<sup>30</sup>.'*

Eiser Justiz feelt et am generellen un Transparenz an un enger gewëssener Kontroll. Mir sinn der Meenung dass den 'conseil suprême de la justice' dofir néideg ass. Een aneren Beräich wou misst ofgedeckt gin ass den 'accueil du justiciable'. Mir mengen dass een 'bureau d'accueil des victimes' misst geschafe ginn, wou kompetent Leit sech em d'Affere vu Strofdoten sollten bekëmmere, op eng juristesch an awer och mënschlech an psychologesch Aart an Weis.

De Projet de loi ass den 19 Juli 2018 déposéiert ginn – déi nächst Regierung MUSS endlech ee ,Conseil suprême de la justice' schafen.

## 5) Statistiken opstellen

*'Proposition 11 : Au Grand-Duché, les statistiques sur la récidive n'existent pas. Il serait pourtant important de connaître la performance de notre système carcéral en matière de*

<sup>27</sup> www.wort.lu – article paru 24/04/18

<sup>28</sup> Avis de la Ligue des Droits de l'Homme – 15.02.2018 – **Säit 3**

<sup>29</sup> Et si schon vill Nimm fir dëse Conseil gebraucht ginn : Conseil national de la magistrature, de la justice, asw. Am 'projet de loi' 7323 vum 19/07/2018 geet Rieds vum Conseil suprême de la justice.

<sup>30</sup> Extrait aus dem 'Exposé des motifs' vum 'projet de loi 7323 du 19/07/2018'

*réinsertion. Il serait important d'analyser les causes de la récidive. C'est à ce niveau que se situent les véritables problèmes de sécurité : les délits et crimes que notre système carcéral n'a pas pu éviter alors que les personnes en cause ont été (parfois longuement) entre ses mains. Il faut se doter du matériel statistique et analytique nécessaire.*<sup>31</sup>

Den Här Braz wosst also schons am Joer 2007, dass et zu Lëtzebuerg un den néidegen Statistiken feelt, fir eng seriö Analyse vum Strovollzuch ze machen. Déi nächst Regierung MUSS alles dru setzen, fir dass sech op dësem Plang eppes äennert.

## **6) Casier judiciaire**

*'En faisant le choix de la réinsertion sociale, nous choisissons de travailler à assurer la sécurité de la population à long terme; de s'attaquer aux problématiques des personnes judiciairisées afin d'éviter qu'il y ait de nouvelles victimes; et d'agir pour favoriser l'insertion des personnes sur le marché de l'emploi et dans la société.'*<sup>32</sup>

Een Patron dierf keen Zougang méi hunn zum 'casier judiciaire' – ausser an ganz begrenzten Ausnahmefäll. D'Regierung MUSS des grouss Brems vun der Reinsertioun ofschaffen.

**eran, eraus ... an elo?**

---

<sup>31</sup> Extrait du dossier 'Prisons – vers une véritable politique de sécurité' présenté lors d'une conférence de presse par les députés Felix Braz et François Bausch en avril 2007

<sup>32</sup> Extrait vun der Internetsait vun Alter Justice aus dem Quebec : <http://www.alterjustice.org/>